

## **Rapport Klimateam an Umweltkommissioun – 24.10.2022**

**Présent:** Thomas Rünnenburger, Jos Schoellen, Sam Serres, Nadine Alfter, Fabrice Ramillon, Fränk Schmit, Jean Nies, Roby Alfter, Metty Steinmetz, Christopher Witry, Luc Etringer, Paul Hendel

**Absent:** Dan Schaaf, Jean-Jacques Conrardy, Fabio Cumetti, Tom Leonardy, Jean-Marie Beneké

### **Klimapakt – Audit 28.10.2022**

De nächsten Audit steet un. Dëst den 28. Oktober 2022.

No 59,7% am März 2022, ginn lo 70%, a méi, uviséiert. An diversen Kategorien, déi am Fréijoer nach net ersiichtlech an dohir och net kalkuléierbar waren, ass lo gutt geschafft ginn an e gudden Sprong no uewe gemaach ginn (Bsp.: *Versorgung, Entsorgung an Interne Organisation*). D'Präsentatioun fannt dir an der Annexe.

Doriwwer eraus wäert et och en Aktionsplang ginn, deen bis den Audit wäert ausgeschafft ginn.

### **Energiespuermoossnahmen: Gemeng an Privathäushalter**

D'Gemeng wäert an engem 1. Schrëtt all d'öffentlech Gebäier an och Plazen zu bestëmmten Zäiten net méi beliichten. Dat tëscht 23:00 Auer an 06:00 Auer.

Dat wäert eis eng kalkuléiert Erspuernëss vun 12% bréngen. Déi rechtlech 3%, déi vum Staat gefuerdert ginn fir anzuspieren, probéiert d'Gemeng iwwert Temperaturupassungen an hiren jeweilegen Gebäilechkeeten ze realiséieren.

Do donierft wäert eng Sensibiliséierungscampagne an den öffentlechen Gebäier affichéiert ginn, fir datt all Persoun gesäit wat si an deem bestëmmten Gebäi, an och soss, maache kann fir Energie ze spieren.

D'Schoulgebäier wäerten, vun der Temperatur hir, net einfach rofgereegelt ginn, mee si wäerten e Richtwert hunn vun 21°C, deen dann em 2°C rop- oder rofgesat ka ginn.

An dem Kontext hu mir och decidéiert, datt mir am November, nom Audit, en Aarbechtsgrupp bannent dem Klimateam lancéieren, fir un enger Energie-Visioun vun der Gemeng Rouspert-Mompech, wat engergetesch Neiausrichtung ugeet, ze schaffen.

Mir fannen, datt d'Privatleit net nach weider Informatiounen zu Aspuepotenzialer misse matgedeelt kréien. Dat kréien si all Dag iwwer divers Plattformen matgedeelt. Dat wär iwwerflësseg, an eisen Aen.

Mir wëllen éischters de Fokus op d'Zukunft leeën. Dat heescht, de Leit weisen wat si alles kënne selwer leeschten fir selwer méi op erneierbar Energien emzeklammen. Also, wat gëtt et do alles, wat ass geplangt vu staatlecher Säit a wat wäerten eventuell Subsidien sinn fir déi eng oder aner Moossnam, déi een bei sech doheem hëllt?

An enger 1. Phase kéint een de Leit awer "Energiespuerkits" vun der ENOVOS zur Verfügung stellen. Do misst dann d'Gemeng de Kontakt maachen (Link an der Annexe).

## **Mëllerdall Klima-, Energie- an Emweltdag**

De Samschdeg 12. November 2022 fënnt zu Waldbëlleg en Dag statt, wou dann a Workshops Leit aus de Member-Gemengen, net nëmmen aus den Administratiounen oder Kommissiounen, kënnen a sollen zum Thema Klimapakt-Assisen zesumme schaffen. Dat Ganzt ass schonn haut iwwert Sozial Medien publique gemaach ginn a wärt, natierlech, och de Gemengenautoritéiten zoukomme gelooss ginn.

Umellen muss een sech awer schon bis den Méindeg, 7. November an dat Ganzt dauert vun 11:00 Auer bis 17:00 Auer (laut Post op Facebook).

### **« Strom vun hei »**

Beim dësem Projet geet et em d'Collaboratioun tëscht eiser Gemeng an der Gemeng Ralingen. Grenziwwerschreidend Energiesëcherheet, déi nohalteg an affordable bleift fir d'Leit aus deenen 2 Gemengen.

Ganz wichteg ass et an dem Projet och, fir datt d'Leit aus de Gemengen mat an d'Boot geholl ginn a net nëmmen d'Autoritéiten doru schaffen an duerno décidéieren.

De Jos huet dofir och een Appell un d'Memberen vum Klimateam gemaach, sech bei Interessi, bei der Gemeng ze informéieren fir matzeschaffen, respektiv nozefroen ab wat fir enger Phase ee kann matschaffen.

### **Iddi fir méi propper Flëss**

De Fabrice huet eis eng Iddi aus Südfrankräich virgestallt, bei där viru gréisseren Kanalausflëss Netzer vu verschidden Dichten opgehang ginn (Fotoen an der Annexe).

Dëst soll verhënneren fir dat gréisseren, awer och méi klengen Dreck, an eise Flëss land.

Et soll gepréift ginn, ob sou eng Installatioun bei eis op der enger oder anerer Plaz sënnvoll ass. De Fränk huet awer schonn ze bedenke ginn, datt mat vill Reen och vill Laf an Steng mat duerch d'Réier kommen an sech dann e Stopp kéint bilden, wouduerch Réckstau géif gengeréiert ginn.

D'Iddi ass gutt, mat der Emsetzung musse mir awer nach kucken.

## **Dag vum Bam 2022**

- Pour info: De Freideg, 18. November wäert de Naturpark seng Aktioun fir d'Membergemengen zu Fëschbech hunn. Dëst a Präsenz vum Ierfgroussherzog Guillaume.
- De Samschdeg, 19. November wäerte mir eis Aktioun vun der Gemeng zu Rouspert hannert der Gemeng hunn. Start ass um 11:00 Auer. Uschléissend gëtt et e Patt am „Musée Tudor“.
- De Mëttwoch, 30. November wäerten d'Cyclen 3.1 vu Bur an Rouspert op Hierber an den Hierberbësch goen, fir déi traditionell Planzaktioun. Détailler komme no.

Jiddereen, deen wëll, dierf gär dohinnerkommen 😊

## **Poubellen am ëffentlech Raum: Jo oder Nee?**

Et gëtt eng Aktioun vum ORT, déi sech „Care for your forest“ nennt. Dat ass u sech en Leader-Projet, deen dat lescht Joer zu Rouspert virgestallt ginn ass.

Hei geet et em de Message fir eis Bëscher an och d'Wanderweeër propper ze halen.

D'Kommissioun denkt, datt et wichteg wär fir Poubellen op strategesch wichtege Plazen stoen ze loossen (Départ/Arrivée vu Weeër) an se soss entzousch weg ze huelen. Sou kéint och dem Mupp säi Geschäft entsuergt ginn (schliesslech hëllt keen Besëtzer sou eppes gär mam Auto mat Heem).

Et kéint een op deene Plazen och Messagen wéi “Keng Poubelle op 10 km” plazéieren.

**Nächsten Datum fir eng Versammlung gëtt nees iwwer Mail an WhatsApp matgedeelt.**